



Fir e Bëssen déi normal Délaien ze huelen: Normal Délaien ass, dass relativ séier bei eis kann um CEDIES accordéiert ginn. Da muss déi ganz Prozedur vum Stat iwwer Contrôle financier an esou weider goen. Dat kann also schonn an der Regel e puer Wochen daueren, awer net do-riwwer eraus.

465 Aidë goufe refuséiert an 162 Aidë vum éischte Semester sinn nach net ausbezuelet, well den Dossier net komplett ass. Scho fir dat zweet Semester, dat elo eréischt knapps ugefaangen huet, hu mer 384 Aiden ausbezuelet. Dräi goufe refuséiert, 44 sinn der en attente an 125 sinn accordéiert, nach net ausbezuelet. Déi sinn elo accordéiert ginn dës Woch, déi ginn elo bei de Contrôle financier. Dat kann an der Regel nach bis zu dräi Wochen daueren.

Elo gëtt et effektiv - elo ass et esou, dass also déi meeschte Leit se relativ séier kritt hunn -, et gëtt eng Partie Fäll, net ze vill, an dat hu mer och an der Äntwert gemellt, wou technesch Schwierigkeeten sinn. Et sinn einfach technesch Schwierigkeeten, dass et net ukënn. An do ass et esou, dass an der Regel déi Studenten da selwer beim CEDIES uuffen a froen: Woufir ass et net ukomm? An dann deblockéiere mer dat.

Dat sinn der, ech weess net, wéi vill. Ech muss kucken, well ech et elo eréischt kritt hunn. Dat sinn der net vill. Mä do ass et esou, Här Adam, wann Der Fäll hutt, da gitt mir se mat, da kucke mir dat mam CEDIES!

Fir den 1. August hu mer och technesch en neie System, dass e Système d'alerte kënn, wann d'Suen net ukomm wären, dass mir selwer Bescheed gesot kréien, dass d'Suen net ukomm sinn. Mä an der Regel ass et esou, dass d'Studente schonn op déi Suen ugewise sinn, wa se net soss Sponsoren hunn, a sech selwer mellen. Mä nach eng Kéier: Mir kënnen net hei pars pro toto maachen. All Fall soll eis derwärt sinn nozekucken. Ech kucke se och all eenzelne gär no, déi Der mer elo nach no der Sitzung hei gitt.

Mä nach eng Kéier: Wann ech d'Zifferen huelen, sinn et nëmme wéineg Fäll, wou... Dat sinn technesch Problemer, déi mer bis den 1. August behuewen hunn, a bis dohi musse mer einfach kucken, manuell dat ze behiewen. Mir sinn, an do sinn ech ganz houfreg drop, wierklech beim CEDIES total op E-Line gefuer, wat villes vereinfacht, mä et sinn do e puer kleng Problemer nach opgetaucht, déi mer am gaange sinn ze behiewen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Héichschoulminister François Biltgen.

Domadder wiere mer um Enn vun eiser Froestonn. Mir kommen dann elo zu eiseim nächste Punkt vum Ordre du jour, nämlech d'Diskussion vun de Projeten 6230 an 6231 iwwert d'Cour pénale internationale, déi mer zesummen an enger Diskussioun behandle wäerten. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Polfer, den Här Braz an den Här Henckes.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deenen zwee Projeten, den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6230 - Projet de loi portant adaptation du droit interne aux dispositions du Statut de Rome de la Cour pénale internationale, approuvé par une loi du 14 août 2000 portant approbation du Statut de Rome de la Cour pénale internationale, fait à Rome, le 17 juillet 1998

## 6231 - Projet de loi réglementant les modalités de la coopération avec la Cour pénale internationale

### Rapport de la Commission juridique

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, d'Chamber soll haut iwwer zwee Gesetzestexter ofstëmmen, déi eng Rei Verplichtungen an eis Lëtzebuerger Gesetzgebung aschreiwen am Zesummenhang mat der Konventioun iwwert de sougenannten „Statut de Rome de la Cour pénale internationale“.

Lëtzebuerg huet d'Konventioun iwwert de Statut vun dem Internationale Gerichtshaff vu La Haye duerch e Gesetz vum 14. August 2000 approvüiert. Domat sinn all Bestëmmunge vun där Konventioun fir eist Land a Kraaft getrueden. Eist Land huet missen zënter 2000 seng international Verplichtungen an Zesummenaarbecht mat der Cour pénale erfüllen. D'Fro stellt sech also, firwat dass dann haut nach déi zwee Gesetzter mussen diskutéiert an ofgestëmmt ginn. Wat ass de Sënn vun deenen zwee Texter a wat brénge se zousätzlech un neie Bestëmmungen an eis Gesetzgebung mat

eran? Ech mengen, duerfir ass et - ganz kuerz - noutwendeg, fir e bëssen an den Detail vun deenen zwee Texter anzegoen.

Duerch de Projet 6230 gi verschidde Bestëmmunge vun der Konventioun iwwert den Internationale Gerichtshaff an déi Lëtzebuergesch Gesetzgebung iwwerholl. De Code pénal vun eiseim Land gëtt duerch en neien Titel Ibis mat véier neien Artikelen - 136bis, 136ter, 136quater a 136quinquies - komplettéiert. Déi Artekle féieren an de Lëtzebuerger Code pénal nei Strofbestëmmungen an.

Verschidde Strofdoten, déi bis elo net an der Lëtzebuerger Strofgesetzgebung virgesi waren, ginn an deene virgenannten Artikelen ausféierlech definéiert. Déi Strofdote bezéie sech eigentlech op véier verschidden Domänen, wou ech net an den Detail wëll goen; ech zitëiere se awer.

Dat ass fir d'Éischt de Génocide, dat ass d'Verbrieche géint d'Mënschheet, Crime contre l'humanité, et sinn d'Krichsverbriechen an et ass de sougenannten „Crime d'agression“, dat heescht een Ugrëff géint d'Souveränitéit, géint déi territorial Integritéit a géint déi politesch Onofhängegkeet vun engem Land. Dat ass een Zousaz, deen eréischt d'lescht Joer op enger Konferenz zu Kampala décidéiert ginn ass an dee mer direkt hei bei der Ofstëmmung an den Text mat erageholl hunn.

Doduerch, dass de Lëtzebuerger Code pénal an Zukunft déi Strofdoten ausdrécklech virgesäit, kënnen déi Lëtzebuerger Gerichter Stroftäter, déi hei am Land eng Strofdot begaangen hunn oder déi hei am Land sinn, poursuiwieren an och hei am Land veruerteelen, well déi do Strofbestëmmungen een Deel vun der Lëtzebuerger Gesetzgebung sinn. Bis elo hu mer zwar mat der Cour pénale internationale misse kooperéieren, awer well mer selwer déi Bestëmmungen net haten, hunn déi Stroftäter missen transferéiert ginn un d'Cour pénale internationale vu La Haye.

Den Text orientéiert sech no der belscher Gesetzgebung an iwwerhëlt bal wuertwäertlech d'Bestëmmunge vun dem Statut de Rome vun der Cour pénale internationale.

Deen zweeten Text, dat ass de Projet 6231, dee regelt d'Kooperatioun vun eiseim Land mat dem Internationale Gerichtshaff vu La Haye. Déi Zesummenaarbecht besteet zënter dem Gesetz vum 14. August 2000 doduerch, dass och eist Land déi Konventioun dee Moment, wéi ech scho virdru gesot hunn, approvüiert huet.

Den Text, dee mer haut stëmmen, regelt verschidden Detailer, verschidde Situatiounen, déi bis elo esou net an eiser Lëtzebuerger Gesetzgebung geregelt waren, notament wann de Stroftäter hei zu Lëtzebuerg kéint gefaast ginn, wéi da seng Situatioun zu Lëtzebuerg misst gehandhabt ginn, wéi eng Rechter dass en zu Lëtzebuerg huet, fir sech kënnen zu Lëtzebuerg ze verteidegen, wéi d'Prozedure sinn, fir mat der Cour an där Hisiicht zesummenzeschaffen, an och, wéi dee Stroftäter gegebenenfalls un den Internationale Gerichtshaff kann transferéiert ginn.

D'Gesetz regelt och am Detail d'Assistenz vun eiseim Land mat dem Internationale Strofgerechtshaff bei der Ausféierung vun den Aufgabe vun deem Gerichtshaff. D'Zesummenaarbecht mat dem Internationale Gerichtshaff vu La Haye, besonnesch wat d'Rechter vun de Persounen, déi vun der Lëtzebuerger Justiz kënnen un de Gerichtshaff vu La Haye transferéiert ginn, betrëfft, ginn also hei an deem Text ausféierlech prezisiéiert a festgeluecht.

Et ass eng technesch Matière, op déi ech hei net wëll am Detail agoen. Mir hunn, esou wéi de Statsrot, an der Kommissioun dat genee gekuckt a se och op déi Texter reduzéiert, wat onbedéngt noutwendeg war. Ech wëll awer hei op zwee Punkten agoen, déi souwuel vum Statsrot wéi och vun der Commission juridique am Laf vun der Diskussioun opgeworf an thematiséiert si ginn an och eng Léisung fonnt hunn.

Dat ass engersäits d'Fro vun der zentraler, administrativer Kontaktinstanz tëschent Lëtzebuerg an der Cour pénale internationale, an zweets, dat ass d'Fro, ob Lëtzebuerg och bereet ass, Persounen, déi vun dem Gerichtshaff vu La Haye veruerteelt si ginn, zu Lëtzebuerg opzehuelen, fir dass se hei hir Prisongsstrof, wéi mer soen, kënnen ofsätzen.

Wat déi éischt Fro ugeet, déi vun der zentraler Autoritéit, do hat Lëtzebuerg am Joer 2000 déi Aufgab der Lëtzebuerger Ambassade zu La Haye iwwerdroen, duerch eng Deklaratioun vun eiser Regierung. Mir stellen awer fest, dass an aneren internationale Konventiounen déi do Aufgaben, déi en Deel vun der Entraide judiciaire tëschent internationalen Autoritéiten a Lëtzebuerg duerstellen, an d'Kompetenz vum Procureur général d'État falen. Déi zentral Autoritéit op nationalem Plang ass eigentlech den

Usprechpartner an deem heite Fall vun der Cour pénale internationale.

Et war zwar richtig, fir am Ufanksstadium déi Aufgaben der Ambassade zu La Haye ze ginn, mä d'Ambassade vu La Haye war eigentlech an där Hisiicht nëmme eng Brëifboîte. Doduerch, dass mer awer elo déi Kooperatioun méi enk gestalten, dass mer och d'Texter änneren, ass et méi einfach, déi doten Aufgab, wéi och bei aneren internationale Verplichtungen, dem Procureur général d'État unzevertrauen. Dat hat de Conseil d'État ugedeit, an d'Kommissioun, d'Commission juridique, huet an deem Beräich an där Hisiicht eng Ofännerung vum Text proposéiert.

D'Aufgab vun där zentraler Instanz besteet doran, eigentlech den Intermédiaire ze spillen tëschent dem Internationale Gerichtshaff vu La Haye an de Lëtzebuerger Gerichtsinstanzen. Et bleiwen awer och an eenzelne Fäll zu Lëtzebuerg direkt Décisiounen ze huelen, déi de toute façon missen, och wa mer d'Ambassade géife bäibehalen, un de Procureur weidergerrecht ginn. De Procureur huet also och net nëmme Brëifboîte ze spillen, mä en huet och zum Deel eng Aufgab ze iwwerhuelen, wat d'Décisiounen vun deenen Untrëg vun dem Gerichtshaff ugeet.

Wéi gesot, de Statsrot an d'Commission juridique waren duerfir der Meenung, déi Missioun vun der zentraler Autoritéit beim Procureur général d'État unzesiedelen. An deem Sënn ass dann och, wéi gesot, den Artikel 1 vun dem Projet 6231 ofgeännert ginn.

Déi zweet Fro betrëfft d'Haltung vun der Lëtzebuerger Regierung zu dem Punkt, ob Lëtzebuerg bereet ass, Prisonnéier opzehuelen, déi vun dem Internationale Gerichtshaff veruerteelt gi sinn.

Mir hu gemengt, gutt ze doen, dass mer en Amendement abruecht hunn zu dem Gesetzesprojet 6231. Dat war vun der Commission juridique décidéiert ginn. De Conseil d'État huet eis awer dorop higewisen, dass dat eng Kompetenz wär vun der Regierung, dass och an der Konventioun virgesi war, dass d'Regierung misst déi Deklaratioun maachen. Mir hunn duerfir vun dem Amendement, zu deem de Conseil d'État eng formell Opposition gemaach hat, ofgesinn, a mir hunn awer d'Regierung gebieden, Kloeheet ze schafen an där doter Fro.

Dat ass och geschitt duerch e Brëif vum 21. Dezember 2011. De Justizminister huet nämlech den Ausseminister gebieden, dem Internationale Gerichtshaff matzedeele, dass Lëtzebuerg bereet wär, fir Persounen, déi vum Gerichtshaff vu La Haye condamnéiert si ginn, zu Lëtzebuerg opzehuelen, fir dass se hei kënnen hir Prisongsstrofen ofsätzen, allerdéngs ënnert der Bedéngung, dass déi Persounen d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn oder dass se virdrun zu Lëtzebuerg hir legal Residenz haten. Ech mengen, domat fënnt och keen en Hoer an der Zopp an där doter Matière. A mir kënnen eigentlech och déi Deklaratioun do nëmme approvüieren, wa mer se och net mat bestëmmen kënnen.

Ech mengen, do wär eigentlech zu deenen zwee Projeten alles gesot ginn. Ech géif och d'Chamber bidden, déi zwee Projeten an där Form, wéi d'Commission juridique dat proposéiert, ze stëmmen. Ech kann och soen, dass d'Commission juridique eestëmmeg dee Vote geholl huet, an ech kann och hei den Accord vu menger Partei bréngen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Paul-Henri Meyers. Als éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Lydie Polfer agedroen. Madame Polfer, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Här President, no deem ganz exzellenten an ausféierleche Rapport, souwuel deem schrëftleche wéi deem mündlechen, vum Här Meyers bleift mir nëmme nach iwwreg, dem Här Meyers dofir ganz hærzlech Merci ze soen, zweetens awer och e Wonsch auszedrücken, an zwar dee Wonsch, dass mer dat Gesetz hei net oft mussen a Kraaft setzen. Dat wär en Zeechen, dass dës Welt e bësse méi mënschlech gi wär. An drëtten wëll ech ganz kloer den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Polfer. Als nächste Riedner kritt den Här Félix Braz d'Wuert.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Här President, déi gréng Fraktioun wëllt och just dem Här Meyers als Rapporteur Merci soe fir den exhaustive Bericht an d'Zoustëmmung gi fir de Projet de loi.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Braz. Als nächste Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëll och dem Rapporteur villmools Merci soen. En huet dee ganz komplizéierte Projet de loi hei ganz gutt explizéiert, a mir wäerten deen och stëmmen.

Mä et muss een awer och festhalen, dass d'Cour pénale internationale an déi ganz Gesetzgebung bis elo vun 120 State ratifizéiert gi sinn, mä dass Amerika, Russland a China zum Beispill - wat déi dräi grouss Länner sinn - bis elo net wëllen op deem Wee do weidergoen.

Dat, wat een och muss festhalen, dass ass, dass mer eng Ännerung aféiere vis-à-vis vum Tribunal pénal international, dee mer virdru kannt hunn. Mat där neier Cour pénale internationale gëtt haaptsächlech d'Répressioun vun de Crimes d'agression, déi de Rapporteur virdru beschriwwen huet, nei regléiert, an iwwerhaupt, dass se kënnen bestrooft ginn. Dann ass och festgehalen ginn...

► **M. le Président.**- Här Henckes,... Neen, et ass gutt, fuert virun. Ech hat gemengt, et wëllt een lech eng Fro stellen.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- ...de Principe de non-rétroactivité, deen agefouert gëtt. Dann ass d'Cour och komplementär zu den nationale Juridictionen. Mä wat mer dat Allerwichtigst awer och schénkt ze sinn, dat ass, dass d'Victimen och elo Rechter kréien an där ganzer Gesetzgebung. An deene viiregten Tribunalen, déi international geschafft hunn, wor dat doten net méiglech, sou dass dat hei eng absolut wichteg Neierung ass.

Mä et gëtt awer och nach menger Meenung no eng kleng Debatt, déi mer sollte féieren iwwert den Artikel 136bis an d'Definitioun vum Génocide. Déi Definitioun, déi baséiert op dem Artikel 2 vun der UNO-Konventioun vun 1948 iwwert de Génocide, an deen ass dunn am Statut de Rome vun '98 iwwerholl ginn.

Den Term „Génocide“ applizéiert sech ënner verschiddene Konditiounen, déi einfach festgeluecht gi sinn duerch déi Gesetzgebungen, mä natierlech ënner enger wichteger Konditioun, dat ass, dass eng Regierung oder eng regierungsähnlech Autoritéit déi geuerdert huet.

Et gëtt bis elo véier Génociden, déi vun den internationale juristeschen Instanzen, déi vun der UNO ofhänken, unerkannt gi sinn. Deen éischten ass den armenesche Génocide, deen duerch d'Commission des droits de l'Homme vun der UNO den 29. August 1985 zrëckbehalen ginn ass, de Génocide vun de Judden, de Génocide vun den Tutsien am Ruanda an de Massaker vu Srebrenica.

Den neien Artikel 2 (veuillez lire: Alinéa 2) vun dem Artikel 457-3 vum Code pénal, dee mer elo solle stëmmen, dee seet Folgendes: «Est puni des mêmes peines», dat heescht, do gi stroferechtlech Peinë virgesinn, «celui qui a contesté, minimisé, justifié ou nié l'existence d'un ou de plusieurs génocides tels qu'ils sont définis par l'article 136bis du Code pénal, ainsi que des crimes contre l'humanité et crimes de guerres, tels qu'ils sont définis aux articles 136 et 136quinquies (veuillez lire: articles 136ter à 136quinquies) du Code pénal et reconnus par une juridiction luxembourgeoise ou internationale.»

Dat heescht, dass déi véier Génociden, déi ech elo ugestallt hunn, wann déi an der Öffentlecheit niéiert ginn, da kënnen déi stroferechtlech bestrooft ginn. Ech mengen, dat heiten ass e ganz wichtige Schratt, dee mer hei maachen, an et ass awer och wichteg, dass allegueren d'Bierger dobausse sech bewosst sinn, dass verschidde Saachen net méi däerfen an der Öffentlecheit gesot ginn, ouni dass se stroferechtlech Risikoen aginn.

Dat gesot, wollt ech den Accord vun der ADR zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. D'Wuert kritt elo nach den Här Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, ech wollt d'Ronn awer hei komplett maachen an och am Numm vu menger Fraktioun dem Rapporteur Merci soe fir de schrëftleche Rapport, awer och fir déi mündlech Explikatiounen haut.

Ech mengen, dass d'Chamber hei och gutt Aarbecht geleescht huet mat all deenen Instanzen, déi hei implizéiert waren, well mer net nëmme - ech mengen, wéi dat am Regierungsprojet jo virgi war - eise Code pénal komplettéieren, mä awer och eng Rei vu praktesche Froe klären, wéi déi Ëmsetzung vun deenen internationale





Bestëmmungen hei da wierklech kann zu Lëtzebuerg geschéien, wat déi zoustänneg Instanze sinn, déi mat implizéiert sinn, wéi dat praktesch kann oflafen a wat och d'Konsequenze si praktescher Natur, wann et dann zu enger Veruerteelung kéint.

Alles dat, mengen ech, mécht, dass mer et hei mat engem Text ze dinn hunn, deen eng breet Zoustëmmung féint, a selbstverständlech och déi vun eiser Fraktioun.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bodry. Als leschte Riedner ass den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech mengen, déi Cour pénale internationale ass ouni Zweifel e wichtegt Element vum internationale Völkerrecht an ass och als solches ze begrëssen. Et ass am Fong geholl dat éischt internationaalt Strofgerecht, wat et méiglech mécht, déi Verantwortlech, och déi politesch Verantwortlech vu Krichsverbrieche, vu Verbrieche géint d'Mënschlechkeet a vu Völkermord ze veruerteelen.

Et muss een awer och wëssen, dass déi Cour pénale internationale Grenzen huet, déi risquéieren, hir universal Gültigkeet a Fro ze stellen. Si ass net vun alle Staaten unerkannt. Wichteg State wéi d'USA, Russland, China oder Israel hunn hir Statuten net ratifizéiert oder emol net ënnerschriften. D'CPI kann awer ugesicht gi vun engem Stat respektiv vu sengem Procureur nëmmen an deem Fall, wann e Verbrieche an engem Memberstat, deen d'Konventionen also ratifizéiert huet, geschitt oder vun engem Ressortissant vun esou engem Stat, an dat grenzt natierlech hir territorial Wierkung an.

Si kann zwar och ugesicht ginn op Demande vum UNO-Sécherheetsrot, an da kënnen och Crimen ugesicht ginn, déi an Netmemberstate stattfonnt hunn. Mä grad do, wann de Sécherheetsrot ageschalt gëtt, ass d'Gefor - mengen ech - evident vum „deux poids, deux mesures“.

Esou hu mer zum Beispill gesinn am Fall Sudan a Libyen, dass do géint déi jeeweileg Macht-haber Schrëtt ageleet gi sinn. Mir gesinn et awer haut net am Fall Syrien zum Beispill. Mir hunn et virduun net gesi bei deem, wat virgefall ass an der Gazasträif. Mir hunn et net gesi bei den Exactione vum der amerikanescher Arméi an Irak oder an Afghanistan. Mir hunn et och net erlieft nom Libyenkrich, wou awer ëmmerhin Dausenden, wann net Zéngdausende vu Leit hiert Liewe verluer hunn. An et muss ee wëssen, dass dat Gesetz hei awer och Strofe virgesäit zum Beispill bei Kollateralschied duerch Bombenattacken op zivil Ziler oder zum Beispill bei Exekutionen...

► **M. le Président.**- Här Urbany, erlaabt Der, datt den Här Kartheiser lech eng Fro stellt? Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ech soen lech Merci, Här President, an dem Här Urbany Merci fir seng Generositéit, fir mer ze erlaben, eng Fro ze stellen.

Ech wollt den Här Urbany froen, ob ech e richteg verstanen hätt, datt säi Wonsch wär, datt eng Interventioun a Syrien géif geschéien? An an deem Fall, vu wem se da soll gemaach ginn?

Well ech hat lech verstanen an deem Sënn, datt Der géift regrettéieren, datt d'international Communautéit am Fall Syrien bis elo näischt gemaach hätt. Also meng Fro un lech: Hätt Der gär eng Interventioun a vu wem soll déi da gemaach ginn?

Merci.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech soen lech Merci, dass Der mer erlaabt, meng Riedezäit e bëssen ze verlängeren an och dozou e puer Erklärungen ze ginn.

(*Interruptions*)

Dat ass jo net üblech. Et ass jo net üblech.

Ech sinn effektiv der Meenung, dass géint dat, wat do geschitt a Syrien duerch d'Machthaber a Syrien, déi Exactione géint d'Zivilbevölkerung, déi ouni Zweifel ënnert d'Kategorie Krichsverbrieche falen, Schrëtt beim Internationale Strofgerecht sollen ageleet ginn. Déi Leit solle virun hir Verantwortung virum Internationale Strofgerecht gestallt ginn.

Ech sinn awer gläichzäiteg géint eng militäresch Interventioun a Syrien, well ech fannen, dass dat just nëmmen d'Saach verschlëmmert, dass do Dausende vun zivilen Affere wäerten derbäikommen. An ech mengen, dat hu mer ganz kloer am Fall Libyen gesinn. Do ass et nämlech esou gaangen.

D'Fro stellt sech generell, vu dass mer hei ëm eng...

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Här Urbany, sidd Der dann der Meenung, datt a Libyen den Diktator Gaddafi net nach do wär, wann net eng Interventioun gemaach gi wär?

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Dat ka sinn, dass en dann nach do wier.

(*Interruptions*)

Mä op jidde Fall mengen ech, dass déi Interventioun a Libyen zu Konsequenze gefouert huet, déi net ze veräntwerte sinn. An ech wëll mech dergéint wieren... Et ass awer net d'Debatt hei natierlech, et geet hei ëm d'Internationaalt Strofgerecht.

► **M. François Bausch** (*déi gréng*).- Et muss een awer och wëssen, wéi een d'Leit dohinnerkritt.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Wa mer hei eng Debatt wëlle féieren iwwer militäresch Interventiounen opgrond vun UNO-Mandater oder Net-UNO-Mandater, well ganz dacks sinn och Interventiounen emol geschitt ouni UNO-Mandat - wéi a Jugoslawien zum Beispill -, dann ass dat eng ganz aner Diskussioun. Dann ass dat eng Diskussioun, wat fir Méttelen dass een asetzt, fir géint d'Ongerechtegkeete virzegoen.

An och dann, mengen ech, muss een och net nom Prinzip „deux poids, deux mesures“ fueren, mä da muss een och bei militäreschen Interventiounen se iwwerall maachen, wou et noutwendeg ass. Och wann dee jeeweilegen Diktator e Frënd ass vum Westen. Wéi iwwregens den Här Gaddafi et laang war! Den Här Gaddafi huet jo den europäesche Länner ganz vill Déngschter geleescht, andeems en d'Flüchtlingen...

► **M. le Président.**- Här Urbany, Dir misst awer elo esou lues zum Schluss kommen. Dir sidd elo wäit iwwert d'Beäntwertung vun deene Froen eraus. Kommt wann ech gelift elo zum Schluss.

(*Interruptions*)

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Dat ass richtig.

(*Hilarité*)

Do hutt Der vollkomme recht. Gutt, ech kommen dann op mäin Text zrëck an ech wëll do awer dann nach d'Fro stellen un déiselwecht Leit, déi mir elo hei Froe gestallt hunn - ech verlaangen awer net, dass se onbedéngt direkt müssen drop äntwerten: Sinn och Nato-Truppen zum Beispill bereet, sech der Juridiction vum Internationale Gerichtshaff ze ënnerwerfen, wa se selwer, wéi dat jo awer an der leschter Zäit zimlech dacks geschitt ass, Massakere gemaach hunn, déi net ze rechtfertige sinn an déi iwwregens och, am Fall Afghanistan oder wéi an Irak, duerch déi ganz Wéltpress gaange sinn a kritiséiert gi sinn?

Den Ënnerschied ass just, dass déi Saache sech net virum Internationale Strofgerechtshaff ofspillen. An ech mengen, just dat soll verënnert ginn. Et soll net eng selektiv Politik jee no politescher Interesselag hei gemaach ginn. An ech wëll wierklech och en Appell maachen un d'Lëtzebuurger Regierung, fir sech op allen Niveauen anzusetzen...

► **M. le Président.**- Här Urbany, Dir musst elo zum Schluss kommen. Dir hutt elo méi wéi déi duebel Riedezäit. Kommt wann ech gelift zum Schluss.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Meng Ried u sech hätt ganz gutt an d'Zäit gepasst. Mä leider ginn ech dauernd hei ënnerbrach. Dat ass nun eben esou. Mä ech freeë mech awer doruwwer, well...

► **Une voix.**- Dir sidd dem Här Kartheiser schéin op de Laim gaangen.

(*Hilarité*)

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Also, Gerechtegkeet, d'selwecht Mooss an alle Fäll a selbstverständlech eng Poursuite vun alle Crimen, déi do geschéien, an et sinn der nu wierklech net weineg.

Ech wëll awer mat engem positiven Akzent ophalen an ech stëmmen natierlech déi zwee Gesetzter hei.

► **Plusieurs voix.**- Ahhh!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun. Elo kritt d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Ech mengen, dass mer hei e juristeschen Text hu vum internationalen öffentliche Recht, dee wichteg ass. Den Här Paul-Henri Meyers huet hei alles dozou gesot, wat zu deem Text ze soen ass.

Wat aner Orateure gesot hunn, engagéiert si. Ech wäert net zu deem Stellung huelen. Ech si frou, dass mer déi doten zwee Texter kënnen stëmmen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister. Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6230 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'Éischt de Vote iwwert de Projet de loi 6230. D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Raymond Weydert), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6231 et dispense du second vote constitutionnel**

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6231. D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par Mme Marie-Josée Frank), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6272 an der Proposition de loi 4969 iwwert déi zivil Médiatioun, déi zesumme behandelt ginn an enger Diskussioun. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriften: den Här Wilmes, d'Madame Polfer, d'Madame Loschetter an den Här Henckes.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

## 6. 6272 - Projet de loi portant

- **introduction de la médiation en matière civile et commerciale dans le Nouveau Code de procédure civile;**

- **transposition de la Directive 2008/52/CE du Parlement européen et du Conseil du 21 mai 2008 sur certains aspects de la médiation en matière civile et commerciale;**

- **modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;**

- **modification de l'article 3, paragraphe (1), point 1. de la loi du 3 août portant mise en application du règlement (CE) n° 4/2009 du 18 décembre 2008 relatif à la compétence, la loi applicable, la reconnaissance et l'exécution des décisions et la coopération en matière d'obligations alimentaires, modifiant le Nouveau Code de procédure civile; et**

- **modification des articles 491-1 et 493-1 du Code civil**

**4969 - Proposition de loi portant introduction de la médiation civile et commerciale dans le Nouveau Code de procédure civile**

**Rapport de la Commission juridique sur le projet de loi 6272**

► **M. Léon Gloden** (*CSV*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Importenz vun engem Gesetzesprojet erkennt een oft un der Zuel vun den Avisen, déi dozou geschriwwen goufen. De Gesetzesprojet 6272, deen d'Médiatioun an eise Code de procédure civile aféiert, ass esou ee Gesetzesprojet. Tëscht dem 7. Abrëll 2011, wou en déposéiert gouf, bis den 18. Januar 2012, wou d'Justizkommissioun hire Rapport gestëmmt huet, sinn eleng zwielef Avisen erakomm.

D'Médiatioun interesséiert, well d'Médiatioun eng Alternativ ass. Eng Alternativ zu där ordinärer Justizprozedur, eng Alternativ, déi et de concernéierte Parteien erlaabt, hire Sträit selwer ze regelen.

Europa huet Zäit gebraucht, fir sech mat dëser alternativer Prozedur unzefrënnen, während d'USA schonn zënter de 70er Jore Gebrauch dovunner maachen. D'Médiatioun war an éischer Linn interessant fir d'Entreprises. Si kënnen duerch dës Prozedur méi schnell an op eng konziliant Aart a Weis hir Problemer léisen. Si huet d'Garantie vun der Diskretioun, well déi duerch grouss Prozesser bedéngten Öffentlechkeet ewechfällt. Esou spueren se Zäit a Geld, ouni hirem Ruff ze schueden.

An Europa huet et bis an d'90er Jore gedauert, bis d'Médiatioun zu enger Prioritéit gouf. 1994 gouf de Réseau européen d'arbitrage et de médiation commerciale geschaf. Dunn, 1999, hunn d'Stats-a-Regierungschefen um Sommet vun Tampere decidéiert, datt Europa sollt alternativ aussergerichtlech Prozeduren an d'Liewe ruffen. D'Pacifiatioun vun de Relatiounen tëscht de Parteien, awer och d'Entlaaschte vun den ordinäre Juridictione sollen duerch d'Médiatioun gefördert ginn.

D'Europäesch Kommissioun huet 2002 e sougenannt „Gréngt Buch“ iwwert d'Médiatioun an de Konflikter an den zivilen a kommerziellen Beräicher ausgeschafft. Dëst Gréngt Buch ass den Ausgangspunkt vun der Direktiv 2008/52 vum 21. Mee 2008 iwwer gewëssen Aspekter vun der Médiatioun am zivilen an am kommerziellen Beräich.

Hei zu Lëtzebuerg ass d'Médiatioun och net onbekannt. Dir kennt all de Médiateur, oder vu muer un d'Médiatrice, déi zoustänneg ass, fir de Bierger hire Plainten am Zesummenhang mat den Administratiounen nozegoen. Am Beräich vun eise Strofrecht gëtt et d'Médiation pénale, déi dozou soll féieren, de Schued, deen duerch eng Strofdot entstanen ass, ze beheuen.

Den 11. Juni 2002 huet d'Madame Err eng Proposition de loi déposéiert betreffend d'Médiatioun. D'Regierung huet déi Initiativ ausdrécklech an hirem Projet de loi begréisst. De Gesetzesprojet 6272 huet eng generell Vocation, dat heescht, datt d'Médiatiounsprozedur an zivilen a kommerziellen Affären eng Assise an eise Code de procédure civile soll kréien an doduerch institutionaliséiert ginn. Nëmmen esou kann d'Médiatioun zu enger reeller Alternativ ginn.